

Madamm Semiray Ahmedova

Här Yves Steffen Gemengeréit

Diddeleng, den 28. Juli 2023

Betrëfft : Är Froë vum 8. Juli 2023 un de Buergermeeschter an de Schäfferot betreffend d'Plaz Thierry Van Werveke

Madamm Ahmedova,

Här Steffen,

D'Evenement "75 Joer Porsche" war e privat Evenement dat an der Brasserie "Kantin" sollt stattfannen.

Zousätzlech sinn d'Parkplaze beim Skatepark, beim "Hall Fondouq" an niewent der Brasserie "Kantin" ugefrot gin. Well d'Parkplaze regulär ugefrot goufen, goufen des och vum Service de la circulation autoriséiert an et gouf eng Rechnung erstallt fir d'Benotze vum öffentleche Raum, geméiss allgemengem Taxereglement vun der Stad Diddeleng.

De Planning vum Opriichte gouf leider net mat de Servicer vun der Stad Diddeleng am Detail ofgeklärt. D'Agente vun der Stad ware regelméisseg um Site an hunn opgepasst, dass de Wee fräi sollt bleiwn fir d'Foussgänger a Vélosfuerer an esou mann wi méiglech Autoen op der Plaz Thierry Van Werveke stinn. Sie hunn och miisse regelméisseg beim Organisateur intervenéieren fir d'Envergure vum Evenement esou kleng wéi méiglech ze halen.

Den Dag no der Manifestatioun huet d'Stad Diddeleng d'Plaz mat Bléck gespaart, sou dass just nach Vélosfuerer a Foussgänger kënnen duerchkommen. Entretemps goufen d'Betonsbléck duerch Polleren ersat.

D'Benotze vun der Plaz Thierry Van Werveke gëtt vun der Stad Diddeleng geeréiert an de Fonds du Logement gëtt doriwwer informéiert. Laut der bestoender Konventioun zweschen dem Fonds du Logement an der Stad Diddeleng, ass d'Stad berechtigt Aktivitéiten heirobber ze erlaben.

Wéssend dass d'Plaz Thierry Van Werveke eng attraktiv Platz ass fir Evenementer vu verschidder Natur z'organiséieren, huet de Schäfferot di betrafte Servicer vun der Stad Diddeleng beoptragt sech zesummen ze setzen, fir en internt Dokument auszeschaffen, fir nächst Evenementer op der Plaz Thierry Van Werveke esou z'organiséieren, dass si dem Gedanke vun dem neien Ekoquartier NeiSchmelz voll a ganz entsprechen.

All Demande fir e neit Evenement gëtt gepréift.



Esou muss virum Evenement eng offiziell Demande wat d'Benotzung vum ëffentleche Raum ugeet, mee och wat d'Natur an d'Portée vum Evenement selwer ugeet, beim Schäfferot ugefrot ginn.



Falls di verschidde Konditiounen (Sécherheet, mobilité douce, e.a.) net erfëllt sin, wäert eise Schäfferot d'Evenement net geneemegen.

Enner anerem däerfe keng motoriséiert Gefierer op d'Plaz Thierry Van Werveke an d'Zirkulatioun esouwuel fir d'Foussgänger wéi och fir d'Vëlosfuerer däerf net beanträchtegt ginn.



Parken ass momentan méiglech um Parking bei der Brasserie "Kantin", beim "Hall Fondouq" oder um Skatepark, en attendant d'Sanéierungsaarbechte vum Site NeiSchmelz wouropshin d'Parkméiglechkeeten nei mussen evaluéiert ginn.

De Parking bei der Brasserie "Kantin" verfüügt och iwver 3 Parkplaze "pour personnes à mobilité réduite", déi agezechent sinn.

D'Liwwerunge fir d'Brasserie "Kantin" bleiwe garantéiert.



D'Liwwerunge fir d'Pomhouse, déi net vum CCRD/CNA méiglech sinn, mussen am Virfeld beim Service de la circulation ugefrot ginn, deen den Accès dann no de Reegelen organiséiert.

Mat beschte Gréiss.

Fir de Schäfferot vun der Stad Diddeleng,

de Buergermeeschter,

Dan Biancalana

de Gemengesekretär,

Patrick Bausch